# Acteur
# bei Simulatioun's-Exercicer

## an der Ausbildung vun Gesondheets- an Noutfallberuffer

Em d'Joer 2015 huet de **Lycée fir Gesondheetsberuffer (LTPS)** ugefang e Konzept auszeschaffen fir d'Simulatioun an d'Ausbildung vun de Gesondheetsberuffer ze integréieren.

### D'Konzept vun der Simulatioun

Beim pädagogesche Konzept vun der Simulatioun geet et drëm, déi zukünfteg Gesondheetsberuffler besser op de Beruffsalldag virzebereeden, andeem si a verschidde simuléiert Situatioune versat ginn, déi d'Realitéit esou gutt wéi méiglech zréckspigelen.

Et geet dann drem fir eng Rei vun techneschen Akten der Situatioun ugepasst emzesetzen, an och fir korrekt op d'Reaktioune vum Patient ze reagéieren, deen oft Gefiller vun Angscht, Péng oder Aggressivitéit huet.

**A fir dës Situatiounen esou realistesch wéi méiglech duerzestellen, ass et immens wertvoll fir op geschoulten Simulatiounspatienten kennen zréck ze gräifen.**

**An dëse Simulatiounen kann an engem gesécherten Ëmfeld an- an ëmgesaat gin, wat an der Theorie geléiert gouf.**




Aus deem Grond huet den LTPS an de Joer 2016 an 2018 **zwou Promotiounen vun Acteuren ausgebild**, déi säitdeem ganz fläisseg woren an zesummen iwwer 2.000 Stonnen am Kader vun Simulatioun's-Exercicer prestéiert hun.

**Dat, wat während der Simulatioun geschitt, gëtt an engem Nogespréich (Debriefing) opgeschafft.**


**Hei deelt de Simulatiounspatient dann och mat, wéi hien d'Kommunikatioun an d'Reaktioune vum Participant empfond huet.**

### Partnerschaft an Ausbléck

Ma d'Zäit bleiwt net stoen an esou hun am Laf vun de Joer eng Rei vun Acteuren aus ganz berechtegte Grënn entscheed fir méi lues ze trieden oder ganz opzehaalen.

Mee och d'Simulatioun entwéckelt sech op anere Gebidder weider, wéi zB am **Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours (CGDIS)**, wou och emmer méi op dës pädagogesch immens wertvoll Method opgebaut gëtt an der Ausbildung vun de fräiwëllegen a berufflechen Pompjeeën.

**Aus dëse Grënn huet den LTPS an den Institut National de Formation des Secours (INFS) vum CGDIS entscheed, fir e gemeinsamen Appel ze machen un Leit, déi interesséiert sin fir bei esou Simulatioun's-Exercicer d'Roll vum Simulatiounspatient ze iwwerhuelen.**







Simulatioun's-Exercice um Site vum INFS

### Formatioun fir Acteur an der Simulatioun

Dëse Leit bidde mir am **Hierscht dëst Joer (2023)** eng Formatioun vun **12 Stonnen** un, am Kader vun der sie geléiert gin d'Roll vun engem Simulatiounspatient korrekt ze spillen, an och wéi sie am Kader vun den Debriefings kennen eng korrekt Réckmeldung formuléieren.

**D'Participantë sollen Spaass un der Schauspillerei an Interesse un der Duerstellung vun diverse Krankheetsbiller an Noutfallsituatiounen hunn.** Ausserdem ass et wichteg ze betounen, dass keen invasiven Agrëff un den Acteuren gemaach gëtt an dass och d'Pudeur zu all Moment respektéiert gëtt.

**D'Formatioun ass natierlech GRATIS an et si keng Virkenntnisser néideg.**



**Hues de Loscht Acteur oder Actrice bei Simulatioun's-Exerciser ze sin?**

**Interesséiert?**

**No der Formatioun hun d'Participantë dann d'Méiglechkeet, fir esouwuel bei de Simulatioun's-Exercicer am LTPS** (op sengen 3 Standuerter zu Stroossen, Bascharage an Ettelbréck), **wéi och am INFS** (am Centre National d'Incendie et de Secours - **CGDIS** - zu Gaasperech) aktiv matzemachen.



**LTPS** - Lycée Technique pour Professions de Santé
Strassen



**LTPS** - Bascharage



**LTPS** - Ettelbruck



**INFS** - Institut National de Formation des Secours
3, boulevard de Kockelscheuer
L-1821 Luxembourg

**Interesséiert Leit kennen sech bis Mëtt September 2023 bei enger vun deenen 2 Persounen hei drenner melden:**

Mir invitéieren dann all d'Leit géint Enn September an eng Informatioun's-Versammlung, wou mir hinnen méi Détailer zielen.

Mee natierlech kennt dir är Froen och schon gär ab elo enger vun deenen zwou genannten Persounen stellen.

## ÄR KONTAKTER FIR D'UMELDUNG A FROEN:

**beim LTPS**



**Malou Wagner**
malou.wagner@education.lu

**oder**

**beim CGDIS**



**Roland Muller**
roland.muller@cgdis.lu



**Témoignagen vun Acteuren :**



Armand Stracks

Ech sin elo schon zanter der Aféierung vun der Simulatioun am LTPS dobäi a bereien keng Minutt dëse Schrëtt gemaach ze hunn.

All Simulatiounssituatioun erliewen ech all Kéier als e ganz flotten a beräicherende Moment, deen de Participantë mat Sécherheet ganz vill bréngen wäert. Op dës Manéier kënnen si hir technesch Kompetenzen, a virun allem den Ëmgang mam Patient am beschten ënner Beweis stellen.

D'Kommunikatioun an d'Reaktioune vun enger Persoun sin eben net duerch e Mannequin ze ersetzen.



Ralph Hanck

Selwer als Patient an als Infirmier hunn ech oft erlieft, dat jonk Professioneller oppassen, dat si „dat Richtegt maachen“, well si hunn Techniken geléiert an trainéiert.

Wann ech probéieren als Patient an enger Simulatioun Angscht, Wéi oder Trauer ze vermëttelen, kann eng ganz aner Situatioun entstoen, wéi déi, déi am Ufank virgesi war an doduerch änneren sech d'Prioritéiten.

Spéitstens am Nogespréich stellt sech da meeschtens eraus dat de mënschlechen, de relationnellen Aspekt hei an do méi wichteg ass, fir gutt mateneen eens ze ginn, wéi déi richteg Technik.



Liliane Hartz

Ech wor an enger Woch vun 2 verschiddene Leit gefroot gin fir mech an d'Formatioun fir Acteur an der Simulatioun ze melden.

Dat wor fir mech en Zeechen, well ech och zu deem Zäitpunkt eng nei Aufgab gesicht hun. Bis haut hun ech dat net bereit.

An der Simulatioun machen d'Participantë d'Erfahrung fir an onerwaarten Situatiounen spontan ze reagéiren an sou gi si gestärkt fir d'Berufsliewen. An och ech perséinlech hun duerch d'Simulatioun vill bäigeléiert.



Claudine Schockmel

Als fréier Enseignante am LTPS sin ech op d'Simulatioun opmierksam gin, an ech hu mech an d'Formatioun vun den Acteuren ageschriwwen. Ech hu während all menge Simulatiounssituatiounen ganz wertvoll Erfahrungen gemaach.

D'Participantë hun ech als immens opmierksam erlieft, si sin ëmmer voll dobäi a sin immens interesséiert um Feedback vun den Debriefer an och den Acteuren.

Mir selwer bréngt all eenzel Simulatioun vill Zefriddenheet, well ech d'Participantë esou erliewe wéi dat an engem Frontalcours net méiglech wier.

Roland Muller
INFS - CGDIS

LTPS ©
CGDIS ©
Acteuren ©